N° 7149
Entrée le 10.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 10.11.2022

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/11/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Famill an Integratioun weiderzeleeden.**

Am Gesetz ass virgesinn, dass en Elterendeel am Fall vum Doud vun engem Kand wärend dem Congé parental maximal e Mount Zäit huet, fir nees schaffen ze goen. D'Ministesch huet op Nofro wärend der Petitiounsdebatt fir 9 Méint Congé parental an der Chamber gesot, dass hei déi individuell Fäll missten mat dem Comité directeur vun der Zukunftskeess gekuckt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Fäll gouf et säit 2016 wou een Elterendeel den Congé parental refuséiert kritt huet, wéinst dem Doud vum Kand?
2. Wéi vill Fäll gouf et säit 2016 wou een Elterendeel den Congé parental gekierzt kritt huet, wéinst dem Doud vum Kand?
3. Wéi vill Fäll gouf et tëscht 2010 an 2016 wou een Elterendeel den Congé parental refuséiert kritt huet, wéinst dem Doud vum Kand?
4. Wéi vill Fäll gouf et tëscht 2010 an 2016 wou een Elterendeel den Congé parental gekierzt kritt huet, wéinst dem Doud vum Kand?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten